1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

# Rapport vun der Assemblée Générale den 20. Abrëll 2023

| | |
|---|---|
| Präsident: | Samuel HAMEN |
| Vizepresidentin: | Nathalie RONVAUX |
| Sekretär: | Jeff SCHINKER |
| Tresorière: | Claudine MUNO |

**Present:**

Jean BACK, Ulrike BAIL, Ian DE TOFFOLI, Tullio FORGIARINI, Gast GROEBER, Samuel HAMEN, Susanne JASPERS, Francis KIRPS, Nelly LECOMTE, Colette MART, Anne-Marie REUTER, Nathalie RONVAUX, Jeff SCHINKER, Elise SCHMIT, Florence SUNNEN, Mandy THIERY, Florent TONIELLO,

**Procuratiounen:**

- De Guy HELMINGER huet dem Jeff SCHINKER d'Procuratioun ginn.
- De Bernd Marcel GONNER huet dem Samuel HAMEN d'Procuratioun ginn
- D'Claudine MUNO huet dem Nathalie RONVAUX d'Procuratioun ginn.
- D'Nora WAGENER huet dem Elise SCHMIT d'Procuratioun ginn

**D'Sëtzung gouf zu Weimerskirch am Kulturzenter ofgehalen.**

**D'Adress ass: *Centre Culturel Am Duerf,***
**1, Rue Henri Lamormesnil, L-1915 Weimerskirch**

**Ufank vun der Sëtzung: ~18:45.**

1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

## Dagesuerdnung:

1. **Allocution du Président**
2. **Rapport d'activité 2022**
3. **Rapport du trésorier sur l'exercice 2022**
4. **Rapport des réviseurs de caisse**
5. **Approbation des bilans et comptes**
6. **Désignation des réviseurs de caisse pour 2023**
7. **Nomination d'un nouveau Conseil d'administration**
8. **Mise en place d'un noveau Bureau exécutif**
9. **Discussion libre**

## 1. Allocution du Président

De President sortant Samuel HAMEN hëlt d'Wuert, fir eng Allocutioun, an där et ëm Solidaritéit an de Manktem dovunner, deen een a leschter Zäit konnt feststellen, opgegraff gëtt – ee Kritikpunkt, deen awer gläichzäiteg de Wee fir déi nächst Jore soll weisen:

"Ech wëll eng Episod opgräifen, déi ech, wann ech mech richteg erënneren, schonns bei der Konstitutioun vun dëser ASBL am September 2020 beméit hat. Et war, mengen ech, 2018 oder 2019, wéi an der Escher Kulturfabrik eng oppen Diskussioun iwwer déi sougenannt Professionaliséierung vun der Literaturzeen zu Lëtzebuerg debattéiert gouf. Vill Leit ware present, an am Gespréich goung et vill hin an hier, déi bekannte Plainte goufe gemaach, déi bekannten Äntwerte ginn, déi bekannte Wënsch formuléiert. Et huet sech zimmlech technesch ugefillt. Een, dee present war, war de Jhemp Hoscheit. Hien, deen sech jo bekannterweis gutt genuch mat gewerkschaftlechem Engagement vun de Schrëftsteller:innen auskennt, huet sech op ee Mol gemellt an ee Wuert gesot, dat deen Owend nach net gefall war: Solidaritéit. Et stoung du fir de Rescht vum Owend e bësse wéi ee Friemkierper am Raum – et huet sech einfach net sou technesch a kulturpolitesch unhéiere wéi déi aner Wierder, déi deen Owend gesot goufen.

1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

Wéi sech ALL viru gutt 2 ½ Joer gegrënnt huet, war et – an ech hoffen, ech schwätze fir jiddereen heibannen – eis een Uleies, dat Wuert matzehuelen an déi alldeeglech assoziativ Schaff. An ech hunn dat houfregt Gefill, datt eis dat zu engem Groussdeel och gelongen ass. D'Schëllerklapperei fir dat, wat alles wärend dësem éischte Mandat vun ALL geleescht gouf, kënne mir gäre si loossen. Wie wëll, kann dat duerch d'Lecture vun den zwee leschte Rapports d'activité nohuelen – dee vum Joer 2022 wäert ech Iech am Uschloss präsentéieren.

Dee gudde Fonctionnement huet just geklappt, well sech Leit Zäit geholl hunn, déi eigentlech keng Zäit hunn. Jidderee vun eis ass op seng Manéier duerch d'Schaff, d'Famill an aner Entitéiten am Liewe méi wéi beschäftegt – dat ass fair enough, an et gëtt definitiv Prioritéitelëschten, bei deenen *ALL* zurecht weder op Plaz 1 nach op Plaz 5 oder 42 steet. Et virun deem Hannergrond awer hinzekréien, sengem Engagement, dat een agaangen ass, nozekommen, dat ass net evident. Ma ech soen awer häerzlech alle Merci, déi et hikritt hunn, déi bei Aarbechtsgruppen, bei Reuniounen, a Conseilen a Comitéen aktiv waren. Just doduerch war et méiglech, datt mir bis heihi komm sinn, datt mir haut des 3. AG ofhale kënnen an ALL fir säi jonken Alter scho villes erreecht hunn.

Ee leschte Gedanken zu där ominéiser Solidaritéit, ier mir mat dem Ordre du Jour weidermaachen: Mir soe vis-à-vis vun eise Memberen, si solle solidaresch mat hire ville Confrèren sinn, beispillsweis wa si sech bei Lies-Honoraire un eis tariflech Recommandatioun hale sollen. Méi grouss geduecht: Och vis-à-vis vun der Politik, Ëffentlechkeet, ganz prinzipiell der Gesellschaft fuerdere mir Solidaritéit, fir an eiser schrëftstellescher Aktivitéit wäertgeschat an unerkannt ze ginn. Dowéinst huet et mech am Laf vun eiser Zäit am Bureau e puer Mol, an der Lescht da méi dacks, gewonnert, datt mir déi Solidaritéit am direkten Ëmgang matenee manner héich bewäerten, sief dat am Tounfall, deen een uschléit, sief dat an der Manéier, wéi een sech u kritescher Gespréicher bedeelegt, déi et numol an all ASBL muss ginn. Déi Solidaritéit no baussen ze propagéieren an ze reklaméieren, se awer just deels no bannen ze praktizéieren – dat kann een natierlech maachen, awer eben op Käschte vun der Authentizitéit, op jidder Fall vun der Integritéit, där eegener, schlëmmstefalls awer och där vun der ganzer ASBL.

Amplaz vun enger Plainte, déi no hanne kuckt, wëll ech also zum Schluss ee Wonsch formuléieren, deen no vir gräift: Ech wënschen dem neie Bureau, dem neie Verwaltungsrot den übleche laangen Otem, vill Loscht, Energie a Ressourcë fir al an nei Projeten, ganz besonnesch awer eng solidaresch Agenda no baussen an no bannen. Well ouni déi geet et net bei deem Spill, dat mir hei all zesummen an net géintenee spillen; do ginn ech dem Jhemp Hoscheit ganz recht."

1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

## 2. Rapport d'Activité 2022

De Samuel HAMEN fiert weider mam Rapport d'activité.

Am Laf vum Joer goufen insgesamt fënnef Verwaltungsrot-Versammlungen ofgehalen, am Januar, Mäerz, Juni, September an November 2022.

Am Laf vum Joer huet ALL sech reegelméisseg mat den Acteuren aus der Literatur- a Kulturzeen bei Aarbechtsreuniounen ausgetosch, ë. a. mat Kultur:LX, dem Conseil Supérieur des Bibliothèques Publiques, dem Kulturministère, der ULASC an dem Conseil national du livre an dem Éditeursverband.

Am Laf vum Joer huet ALL sech an Zesummenaarbecht mat dem SCRIPT un der Organisatioun an der Logistik vun der Liestournée bedeelegt. Duerch déi Initiativ konnte Schrëftsteller:innen vu Schoulen ageluede ginn, fir aus hire Wierker ze liesen an de Schüler:innen d'Literatur(-zeen) méi no ze bréngen. Am Kader vun där Zesummenaarbecht gouf eng Konventioun mat dem SCRIPT ofgeschloss, déi 15. August regulär hiert Enn geholl huet.

Am Laf vum Joer huet ALL Avisen agereecht zu de Sujeten: Projet de loi: la loi du 24 juin 2010 relative aux bibliothèques publiques; Etat des Lieux: Buchsecteur; Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative 1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle, 2) à la promotion de la création artistique.

Am Laf vum Joer huet ALL an dräi Newsletteren seng Memberen iwwer Ausschreiwungen, Aarbechtsgruppen, kulturpolitesch Entwécklungen an Initiative vun ALL a Partenairen informéiert.

Am Laf vum Joer hu sech déi verschidden Aarbechtsgruppe reegelméisseg getraff. Nieft dem Grupp "Émergents", deen sech ëm den Encadrement vu young and new writers këmmert an dem Grupp "IT/Kommunikatioun", deen den Internet-Site www.a-ll.lu an d'Optrëtter op de soziale Medie verwalt, huet de Grupp "Rémuneration" verschidde Piste verfollegt a Pabeieren ausformuléiert. Notamment geet et dobäi ëm d'Remuneratioune vu schrëftstelleresche Prestatioune bei Opträg fir Theaterstécker. Déi Prise de position gouf un d'Theaterfederatioun weidergereecht a gëtt weider diskutéiert.

Eenzel Ufroen, Vermëttlungen an Ureegungen, déi vu Memberen an externe Persounen un ALL erubruecht goufen, sinn dat ganzt Joer iwwer duerch de Bureau exécutif betreit ginn.

1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

Am Mäerz gouf een Avenant zur Konventioun vun ALL mat dem Kulturministère ënnerschriwwen.

Am Abrëll gouf déi zweet Assemblée Générale zu Beggen am Kulturzentrum ofgehalen.

Am November ass den neien Online-Optrëtt vun ALL live gaangen. Op der Homepage kann d'ASBL sech an hir Schaff op eng iwwersiichtlech Manéier präsentéieren.

Am November huet ALL sech an engem Bréif un de Kulturministère par rapport zur Ausschreiwung vum Concours littéraire national 2023 (Dréibicher) positionéiert an huet am Uschloss mat de Responsabele vum Kulturministère iwwer d'Detailer vun der Ausschreiwung diskutéiert.

Am November war ALL fir d'éischte Kéier bei de Walfer Bicherdeeg present an huet sech sur place fir d'Visibilitéit vun de Schrëftsteller:innen agesat.

Am Dezember huet ALL eng tariflech Recommandatioun fir Liesunge verëffentlecht. Dëst Referenzdokument fir all Schrëftsteller:innen a concernéiert Strukture gouf a Koordinatioun mat den involvéierten Acteuren ausgeschafft.

Um Enn vum Joer 2022 hat ALL 51 aktiv Memberen.

De Rapport gouf à l'unanimité approuvéiert.

## 3. Rapport de la trésorière sur l'exercice 2022

D'Claudine MUNO hëlt d'Wuert via Visio-Konferenz a stellt säi Rapport als Tresorière vir. Si bestätegt, dass eis Konventioun mam État du Grand-Duché de Luxembourg nach ëmmer 25.000.- Euro bedréit. Um 31. Dezember ware 27.043,05.- EUR op eisem Konto a mir hunn d'Joer mat engem Resultat vu 26.376,52.- EUR opgehalen, ee Resultat dat sech aus de Member-Cotisatioune vu 590,00.- EUR, der staatlecher Subventioun vun 25.000.-EUR, dem Solde vun der staatlecher Konventioun vun 2021 (2.000.- EUR), engem Virement vu 6.000.- EUR vum TS-SEGS SCRIPT fir d'Organisatioun vun der Liestournée an engem Report vun 26.376,52.- EUR aus dem Joer 2021.

1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

Eis Ausgaben am Joer 2022 erginn ee Montant vun 32.923,47.- EUR. Dës Zomm setzt sech follgendermoossen zesummen :

Charges:

Fournitures et petit équipement: 153,56.- €
Frais de route: 44,72.- EUR
Location d'installations techniques / mécaniques 140,20.- €
Sous-traitance générale: 16.988,40.- €
Élaboration d'une identité visuelle: 2.925,00.- EUR
Élaboration d'un site web basé sur la nouvelle identité visuelle: 14.063,40.- EUR
Autres honoraires: 5.797,89.- EUR
Frais sur titre et frais de compte: 278,70.- EUR
Honoraires comptables: 327,60.- EUR
Assurances / Responsabilité civile: e.a.: 102,79.- EUR
Catalogues / imprimés / publications: 951,41.- EUR
Frais de réception et de représentation: 1.510,00.- EUR
Licences - Autres charges: 628,20.- EUR
Projet lecture: 6.000.- EUR
TOTAL: 32.923,47.- EUR

Am Joer 2022 hunn eis Aarbechtsgruppen déi Aktivitéiten, déi 2021 ugefaangen hunn, weidergefouert. D'Deelhuelen un dëse Gruppen ass mat 20,00.- EUR pro Reunioun a weideren 20,00.- EUR fir all Stonn, déi fir Koordinatioun, d'Verfaasse vu Rapporten oder aneren Aktivitéite remuneréiert. D'Frais de routen erklären sech doduerch dass sech Membere vum Bureau exécutif hu missen deplacéieren, fir un Aarbechtsversammlungen, ënnert anerem am Ministère de la Culture, deelzehuelen.

Am Hierscht 2022 huet d'ALL seng nei Identité visuelle, déi vum Grafiker Michel Welfringer konzipéiert gouf, virgestallt. Dës Zesummenaarbecht hat schonns 2021 ugefaangen. En neie Site ass vu Bunkerpalace entwéckelt ginn, deen, wéi d'AG vum leschte Joer et virgesinn hat, wärend de Journées du Livre 2022 virgestallt gouf.

ALL huet och mam SCRIPT zesummegeschafft, op Basis vun enger Konventioun vum 6. Januar 2022, fir d'Koordinatioun vun der Liestournée 2022, déi siwe Lëtzebuerger

1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

Auteur*innen erlaabt huet, hir Texter Lycéesschüler a -schülerinne virzestellen. Dofir huet de SCRIPT der ALL eng enveloppe budgétaire vu 6.000.- EUR iwwerwise.

De Rapport vun der Tresorière gouf à l'unanimité ugeholl.

## 4. Rapport des réviseurs de caisse

De Samuel HAMEN hëlt d'Wuert.

D'Fabienne GILBERTZ an d'Constantina TENACE hunn sech d'Konten ugekuckt an an engem Bréif un de Präsident bestätegt, dass d'Konten an d'Depense vum leschte Joer an der Rei sinn. De Rapport des réviseurs de caisse gouf à l'unanimité approuvéiert

## 5. Approbation des bilans et comptes

Bilanen a Konte ginn unaniment approuvéiert.

## 6. Désignation des réviseurs de caisse pour 2023

De Samuel HAMEN seet, dass d'Fabienne GILBERTZ wéi och d'Constantina TENACE sech bereet erkläert hunn, nächst Joer erëm als Reviseurs de caisse ze fungéieren. Dëst gouf unaniment approuvéiert.

## 7. Nomination d'un nouveau Conseil d'administration

Fir d'Mandat ze verlängeren oder fir fir ee Mandat am neien CA ze postuléieren, huet eng Demande missen agereecht ginn. Gemellt hu sech: Ulrike BAIL, Ian DE TOFFOLI, Tullio FORGIARINI, Gast GROEBER, Francis KIRPS, Claudine MUNO, Jeff SCHINKER, Elise SCHMIT, Florent TONIELLO, Nora WAGENER a Maxime WEBER. De Samuel HAMEN freet, op déi Membere vum CA, deenen hiert Mandat ausleeft an et net erneieren, eng Décharge kréien. Esou wuel déi Décharge wéi och d'Opstellung vum neien CA gëtt à l'unanimité ugeholl.

1, rue de Laroche
L-1918 Luxembourg
info@a-ll.lu
www.a-ll.lu

## 8. Mise en place d'un nouveau Bureau exécutif

D'Gespréich geet domat un, dass gefrot gëtt, wien sech kéint virstellen, am Bureau exécutif ze sinn. De Maxime WEBER, d'Nora WAGENER an d'Claudine MUNO si via Telefon dobäi geschalt. De Maxime ass um Roadburn Festival, wouwéinst een am Hannergrond nach den Applaus héiert, wéi hie seet, dass e sech kéint virstellen, eng Funktioun ze iwwerhuelen. Den Applaus hält un, wéi och d'Nora WAGENER seet, dass si sech virstelle kéint, am Büro ze sinn. Am Sall seet de Francis KIRPS, hie wier bereet, eng Funktioun am Bureau ze iwwerhuelen, de Jeff SCHINKER widderhëlt, dass hien am Bureau bleift. No kuerzer Diskussioun ergëtt sech déi nei Opstellung: d'Nora WAGENER gëtt Trésorière, de Maxime WEBER Sekretär, de Francis KIRPS Vizepresident an de Jeff SCHINKER President.

## 9. Discussion libre

Well sech d'Membere vum CA zeréckgezunn hunn, fir eleng iwwert den neie Bureau ze diskutéieren, ass d'Discussion libre virun de Punkt 8 verluecht ginn. Ausser, dass deene Memberen, déi net méi am CA bleiwen Merci fir hier Aarbecht gesot gëtt, gëtt allerdéngs näischt diskutéiert.

**Enn vun der Sëtzung: ~19:40.**